N°375
Entrée le 19.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister a vun der delegéierter Ministesch fir Medien a Connectivitéit op d'parlamentaresch Fro n° 375 vum 21. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierte Ben POLIDORI.**

**Ad 1)**

De Staat huet ëmmer ronn 10% vum Gesamtmontant iwwerholl. De Gesamtmontant ass eng kommerziell Donnée a kann dowéinst net ëffentlech gemaach ginn.

**Ad 2)**

De Ministère hellt aktuell net un deene Verhandlungen deel an huet keng Kenntnis vum Stand vun den Diskussiounen.

**Ad 3)**

Falls d'Commanditaire eng diesbezüglech Demande un de Ministère maachen, wäert de Ministère eng Décisioun huelen.

**Ad 4)**

De Ministère ënnerstëtzt d'Uni Lëtzebuerg finanziell fir e.a. eng jäerlech Enquête mat qualitativen an quantitativen Donnéeën zu der lëtzebuerger Medielandschaft duerchzeféieren.

**Ad 5)**

D'Resultater aus der net publizéierter Etude si scho verschiddene Presseorganer zur Verfügung gestallt ginn op hir Demande a si selbstverständlech och disponibel fir d'Chamber.

Lëtzebuerg, den 19. Mäerz 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN